



## D'Coeducatioun bei den LGS

### 1. Definitiounen

**Mixitéit** as d'Zesummesetzung vu Medercher a Jongen an engem Grupp, z.B. an enger Schouklasses, ouni datt dobäi spezielle Wäert op d'Relatiounen gelegt gët.

Ënner **Coeducatioun** verstet mer déi gemeinschaftlech Erzéiung vu Medercher a Jongen a gemischte Gruppen, an der Optik vun engem partnerschaftlechen Zesummeliwwen a -schaffen vu Mann a Fra. Mir wëllen der Verschiddenheet vu Jongen a Medercher Rechnung droen, drop agoen an hinne bei hirer spezifescher Entwécklung hëllefen.

Wa mer an dësem Zesammenhang vu **Partnerschaft** schwätzen, as domatt net eng intim Relatioun vun zwee Mënschen oder e gemeinsame Stot vun Nët-bestuedte gemengt, mee en Zesummeschaffen ("team work") a géigesäitegem Respekt, wou keen op Grond vu sengem Geschlecht méi Rechter huet wéi een aneren.

E **fusionéierte** Grupp vu Guiden a vu Scouten as net automatesch och coeducativ; e gët et doduerch, datt ausdrécklech Wäert geluegt gët op d'Relatiounen tëscht Medercher a Jongen, tëscht Fraen a Männer.

Eng Unitéit vun de Lëtzebuurger Guiden a Scouten, déi **nëmme Medercher oder nëmme Jongen** opheft, schafft wuel net coeducativ, kann awer vill bäidroen zu enger gesonder an opgeschlossener Astellung zur Sexualitéit, zur Léift an zu de Relatiounen ënnert de Geschlechter.

### 2. Ziler vun der Coeducatioun bei den LGS

D'Lëtzebuurger Guiden a Scouten verstinn sech als e **coeducative Verband**; déi folgend Objektiver (Statuten Art. 1.2) beleën dësen Usproch.

*Guiden a Scoute versichen*

- *d'Gläichwäertegkeet vu Mann a Fra unzëerkennen an dono ze liwwen;*
- *Wäerter unzëerkennen ewéi Solidaritéit, Toleranz an Autonomie;*
- *hir ege Gefiller ze erkennen, eescht ze huelen, ze kontrolléieren an auszudrécken;*
- *hir ege Sexualitéit an déi vun den aneren ze acceptéieren an ze verstoen;*
- *d'Gefiller vun den aneren ze erkennen, ze acceptéieren an ze respektéieren;*
- *Bezéiungen opzebauen an ze ënnerhalen;*
- *sech anzesetze fir Frëndschaft a Partnerschaft am Grupp, an der Famill an an der Gesellschaft;*
- *den Ëmgank an d'Gemeinschaft mat aneren unzestriewen. ...*

D'Coeducatioun as en optimale Wee zu dësen Objektiver.



### 3. Op wat sollte mir extra oppassen?

#### \* Bei Entscheidungen

Wiem säi Virschlag gët ugeholl, a firwat? Jidder eenzelne Mëmber séng Menung soll ugehéiert an eescht geholl gin; jidderee kritt d'Wuert, och wa séng Stëmm nët sou haart duerchdréngt. Besonnesch Opmierksamkeet hun déi - Medercher oder Jongen - zegutt, déi an der Minoritéit sin. Et kann a bestëmmte Fäll sënnvoll sin, a getrennte Jongegruppen a Mederchersgruppen iwwer Virschléi ze diskutéieren.

#### \* Bei der Chargeverdelung

Wien iwwerhëlt déi gréisste Verantwortung? Bei der Chargeverdelung soll nët nom Geschlecht gekuckt gin, mee no dem perséinlechen Intressi, no de Fähegketen déi den eenzelnen huet oder nach wëllt entwéckelen. Jidderee soll déi selwecht Chancen hu fir an alle Beräicher nei Erfarungen ze maachen. Typesch Rolleverdelunge solle vermide gin. Déi Jongen oder Medercher, déi sech aus Schei zréckhalen, kréie Mutt gemaach.

#### \* Bei der Wiel vun den Aktivitéiten

A coeducativen Unitéite schaffen a spillen normalerweis Medercher a Jongen zesumme bei den Aktivitéiten. Et versteet sech jo vum selwen, datt d'Aktivitéite den individuelle Fähegketen ugepasst musse gin, dat heescht z.B. datt vum Eenzelnen - Meedchen oder Jong - keng physesch oder geeschteg Leeschtung verlaangt gët, déi hien oder hatt onméiglech ka bréngen. Do as et gutt, wa verschidde Variantë méiglech sin, z.B. bei engem Hike oder Rally.

#### \* Och emol getrennt Aktivitéiten

Et as awer och gutt, vun Zäit zu Zäit - a besonnesch um Camp - getrennt Aktivitéite fir Jongen a Medercher ze maachen. Fir datt Aktivitéiten, déi nëmme vun engem Geschlecht gewënscht gin, och emol un d'Rei kommen, a fir datt heiansdo d'Medercher "ënner Fraën" an d'Jongen "ënner Männer" kënnen sin.

#### \* Bei der Ausféierung vun Aktivitéiten

A coeducativen Unitéite gin all Aarbechten ewéi kachen, spullen, Holz maachen, Konstruktiounen opriichten asw. vu Medercher a vu Jongen erledegt. D'Cheféquipe geet do ëmmer mam gudden Beispill vir.

#### \* Gemëscht Cheféquipes

Op allen Niveauën - vun de Branches bis an de Verbandscomité - si gemëscht Cheféquipes erwënscht. Op gemëschte Campénger as dëst obligatoresch (Règlement N° 13, Art. 5.4). All Kanner a Jugendlech brauchen eng verständnësvoll Begleitung, d'Ënnerstëtzung an d'Beispill vu Männer a Fraën; duerfir si gemëscht Cheféquipes och fir reng Jongen- resp. Mederchersunitéite sënnvoll.

#### \* D'Coeducatioun op d'Tapéit bréngen

Et gehéiert zu der Coeducatioun, datt iwwer d'Relatiounen tëschent Medercher a Jongen geschwat an nodeduecht gët. Dat kann an Einzelgespréicher geschéien oder mat Diskussiounen, Rollspiller an aneren Ausdrucksmeettelen an der Unitéit, z.B. beim Bilan vun enger Aktivitéit. Gefiller, Frëndschaft, Léift a Sexualitéit si keen Tabu..



## 4. Praktesches

### \* Weekend a Camp

Um Weekend a Camp hun d'Medercher an d'Jonge grondsätzlech getrennt Zelter resp. Dortoiren. Domatt respektéiere mir de Besoin no enger gewësser Intimsphär. Mir respektéieren och d'Onsécherheet, déi munech Jugendlech hun, mee déi si meeschtens nët weisen, well si d'Unerkennung vun de Kollegen nët wëllen op d'Spill setzen. Mir gin nët nëmmen op dat, wat déi Jugendlech bei aneren zou soën! Mir informéieren d'Elteren iwwer d'Linn, déi mir an dësem Punkt vertrieeden.

### \* Bilan

Beim Bilan um Enn vun enger Aktivitéit gët a coeducativen Unitéite vill Wäert geluegt op déi tëschemënschlech Relatiounen: Wéi a vu wiem sin d'Decisiounen geholl gin? Wéi sin d'Chargë verdeelt gin? Wéi si mir mateneen ëmgaang? Wéi hu mer äis gefillt? Bei der Reflexioun iwwer esou Froën kann een Technike benotzen, déi dene Jugendlechen et méi liicht maachen, hir Gefiller auszudrécken, z.B. Molen, Modeléieren, Rollespill, Schreifgespréich...

### \* "Këppelcher"

Et kënnt vir, datt sech an der coeducativer Unitéit "Këppelcher" zesummefannen. Enk Frëndschaften, Léift a Verléiftsin si wichteg fir déi gesond Entwécklung vum Jugendlechen, an et kënnt nët a Fro fir esou Relatiounen ze verbidden. Mir halen awer drop, datt dës Jugendlech grad ewéi déi aner bei allen Aktivitéite matmaachen, datt se nët déi ganzen Zäit uneneen hängen a sech nët ofsonneren. Dëst Verhale gëlt natiirlech och fir enk Frëndschaften ënner Chef/tainen. Et as wichteg, datt déi aner Mëmbere d'Këppelchen acceptéieren, an d'Chef/tainen uechten op eventuell Jalusiën, déi kënnen opkommen, an iwwer déi mat dene Betreffene soll geschwat gin.

## 5. Zesummenaarbecht an Hëllef am Verband

Och an den **Equipë vum Verband** gët versicht, partnerschaftlech zesummenzeschaffen a Fraën a Männer gläichermoossen un de Respönsabilitéiten ze bedelegen.

An der **Formatioun** soll Thema Coéducation e festen Bestanddeel vum Programm sin.

D'Chef/tainen kënnen sech mat hire **Froën** iwwer d'Coéducation un hiren zoustänneg Commissaire oder un d'Zentral wenden.

An eisem **Dokumentatiounscenter (DZ)** fënnt een intressant Publikatiounen zum Thema Coéducation, mat Iddiën iwwer Sënn an Zweck, Method, Spiller, Aktivitéiten ...

*(Richtlinne vum Verbandscomité 19.11.98)*